N°112
Entrée le 15.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

D'lescht Joer goufen ëmfangräich Terrassementsaarbechten op enger Parcelle (Lëntgen, Gousseldeng et Prettingen(B), N° Cadastre 1001 / 1960 ), genannt « Millebaach » oder och « Wolficht » tëscht dem Autobunnsiwwergang an der CR 122 zu Luerenzweiler duerchgefouert. No eisen Informatiounen handelt et sech dobäi em sougenannte Kompensatiounsmoossnamen am Zesummenhang mat der Suppressioun vum PN 20B zu Luerenzweiler. Konkret goung et dorëms, de Volume, deen duerch de Bau vun enger Unterführung an engem Iwwerschwemmungsgebitt verluer goung, an der direkter Ëmgéigend ze kompenséieren.

Wéi een och op de Loftbiller op Geoportail erkenne ka gouf groussflächeg Buedem ausgebaggert. Dono gouf dee Beräich mat Geotextil zougeluecht an neie Buedem dohi getippt.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wien huet déi Mesure prekoniséiert ? Wat begrënnt de Choix vun der Plaz?
2. Gouf, éiert dësen Agrëff op der Parcel erfollegt ass, ass eng Ëmweltimpaktetüd duerchgefouert? Falls net, aus wat fir engem Grond gouf op sou eng Etude verzicht?
3. Wéi gliddert sech dës Mesure an di geplangte Renaturéierung vun der Uelzecht tëscht Luerenzweiler a Lëntgen an? (https://environnement.public.lu/dam-assets/actualites/2018/09/comp_a7/Dossier-de-presse-14-septembre.pdf an https://www.stradalex.lu/fr/slu_src_publ_leg_mema/document/mema_etat-leg-dgc-2017-01-13-a194-jo?access_token=04566e51254f3142eb5c7fb6a19bbdc8c44ca25c )
Wéi wäit ass een am Projet Renaturéierung?
4. De Geotextil, deen op der Parcel benotzt ginn ass, schéngt ee syntheetesche Polymer ze sinn. Et ass e Friemkierper a net biologesch ofbaubar. E schaaft eng kënschtlech Barrière tëscht verschidde Buedem- oder Materialschichten a verhënnert deemno och, dat Insekten, Wierm, Larven a Mikroorganismen, déi ënnert deem Vlies liewen, eropkommen. De Geotextil reagéiert op d'Hëtzt a kann sech zersetzen. D'Substanzen aus deenen en sech zesummesetzt kënnen « ausdünsten » a sou an d'Ëmwelt iwwergoen. E kann och duerch mechanesch Agrëffer ofnotzen a

sech an der Emwelt verbreeden (ee Beispill: https://www.ncbi.nlm.nih.gov/pmc/articles/PMC7866501/).

An enger Etude, déi den däitsche Frauenhofer Institut fir d'Emweltorganisatioun NABU realiséiert huet, kann ee liesen: « Die Transportpfade der Emissionen sind komplex und in der Literatur kaum beschrieben. Es ist bspw. denkbar, dass die Fragmente aus Folien und Beschichtungen, wenn sie über das Abwassersystem abtransportiert werden, über den Klärschlamm zurück auf landwirtschaftliche Böden gelangen. » an « Vertiefende empirische Untersuchungen zum Langzeitverhalten von Folien, Vliesen und Netzen in der Pflanzenproduktion, aus denen sich Emissionsraten ableiten lassen, existieren bisher nicht (Ausnahme China, s. o.). Die Berechnung aus Stoffbilanzen oder aus Bodengehalten ist analog zur Situation bei Folien in der Futtermittelproduktion aufgrund der Datenlage nicht möglich. » (FrauenhoferUmsicht/Ökopol, KUNSTSTOFFE IN DER UMWELT: EMISSIONEN IN LANDWIRTSCHAFTLICH GENUTZTE BÖDEN, Oberhausen/Hamburg, Mai 2021 (https://www.nabu.de/imperia/md/content/nabude/konsumressourcenmuell/210521-fraunhofer_oekopol_studie_plastik_landwirtschaft.pdf ).

Zesummefaassend kéint een also soen, datt et kaum Etüden iwwert d'Ëmweltawierkungen vum Geotexil gëtt, mee dat een aus der Etüd, déi de NABU realiséiert huet, schléisse kann, dat hiren Asaz net onbedenklech ass an dat et kaum méiglech ass, sou e Geotextil nees komplett aus der Ëmwelt rauszehuelen.
Firwat gouf dee Geotextil verluecht ?

5. Am Rapport d'acitivité vun 2001 vum Ministère des travaux publics kann ee liesen:

   > Prettingen - "Wolficht" et "Wolfichtergewan" (Viaduc de Lorentzweiler): Forages et prises d'échantillons pour analyses paléo-environnementales (palynologie, chimie, paléobotanique). Les premiers résultats palynologiques ont révélé un horizon préhistorique à – 8 mètres.

   Am Rapport vun 2002:

   > Prettingen - "Wolficht" : prélèvements de tourbe lors du creusement de la déviation de l'Alzette.

   Kann d'Ministesch méi zu de Resultater vun dëse Buedemprouwe soen? Sinn hei Pollutioune festgestallt ginn?

6. Am Fall, datt d'Notze vu Geotextil am Zesummenhang mat enger Pollutioun vun deem Site besteet, kann den Här Minister mir soen:
   1. Duerch wat ass dës Pollutioun entstanen?
   2. Ginn et hei Lien'e mat dem Bau vun der Nordstrooss an der décharge de materiel deemols duerch de P&Ch?
   3. Wat fir eng Aart vu Pollutioun wier et dee Moment?
   4. A falls de Ministère vun esou enger Pollutioun weess, firwat ass dës net am Cadastre des sites potentiellement pollués (CASIPO) verzeechent?

7. Wéinst der Kompensatiounsmoossnam ass Buedem vun der Parzell ofgedroe ginn. Wat ass mat deem Buedem geschitt deen oftransportéiert ginn ass? Wou ass en hin transportéiert ginn ? Goufe bei där Geleeënheet oder am Viraus Buedemprouwe geholl a wat fir eng Wäerter goufen do festgestallt ? Falls net, firwat gouf op sou Prouwe verzicht ?

8. Wat ass de Gesamtkäschtepunkt vun deem Projet a wéi deckt en sech mam ursprénglech envisagéierte Betrag ?

9. Wat fir eng längerfristeg Notzung ass fir dësen Terrain virgesinn ? Wéi eng méiglech Notzunge goufen an Betruecht gezunn a firwat goufen dës finalement net zréck behalen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 112 vum 15. Dezember 2023 vun den Hären Deputéierte Marc Goergen a Ben Polidori.**

*Fro 1: Wien huet déi Mesure prekoniséiert ? Wat begrënnt de Choix vun der Plaz?*
*Fro 2: Gouf, éiert dësen Agrëff op der Parzell erfollegt ass, eng Ëmweltimpaktëtud duerchgefouert ? Falls net, aus wat fir engem Grond gouf op sou eng Etude verzicht?*

Am Kader vum Bau vun der Ënnerféierung fir de Projet vun der Suppressioun vum PN20b zu Luerenzweiler hu misste Kompensatiounsmoossnamen ëmgesat ginn. Dës vun den Hären Deputéierten ernimmten Ausgläichsmoossnam gouf gemaach fir de Verloscht vum Héichwaasserréckhaltevermëigen vun der Uelzecht ze kompenséieren (wéi an der Geneemegung vum Minister fir Ëmwelt gefuerdert). Dës Ausgläichsmoossnam gouf néideg duerch d'Buedemopschëddung fir de Bau vum 2 Meter méi héijen neien Tracé vum CR122 am Iwwerschwemmungsgebitt vun der Uelzecht. An der direkter Ëmgéigend vum CR122 konnt keen Terrain fir dës Volumenkompenséierung fonnt ginn.

Zesumme mam Office national de remembrement (ONR) an dem Waasserwirtschaftsamt (AGE) gouf de vun den Hären Deputéierten ernimmten Terrain ronn 1 Kilometer ewech vum Projet, awer am direkten Anzochsgebitt vun der Uelzecht fonnt. Den ONR an d'AGE hunn sech op deen Terrain gëeenegt. De Choix vun der Plaz fir d'Schafe vun engem Volume vu 7 316 m$^3$ baséiert op enger hydraulescher Etüd vun engem spezialiséierten Etüdebüro, op der Disponibilitéit vum dofir noutwennegen Terrain an der naturschutztechnescher Situatioun vum Terrain. Dësen Terrain gouf deemools am Kader vum Bau vun der Autobunn A7 vum Staat als Kompensatiounsfläch (Weidefläch) opkaaft.

Et ass keng Ëmweltimpaktetüd nom Artikel 59, Paragraf 4, vum modifizéierten Naturschutzgesetz gefrot ginn, well de Projet esou konzipéiert war, datt signifikant Auswierkungen op déi an deem Artikel genannte Schutzgidder net ze erwaarde waren. Ganz am Géigendeel kéint et esouguer zu enger Verbesserung vun der Situatioun kommen doduerch datt nei Biotoper entstinn.

*Fro 3: Wéi gliddert sech dës Mesure an di geplangte Renaturéierung vun der Uelzecht tëscht Luerenzweiler a Lëntgen an? Wéi wäit ass een am Projet Renaturéierung?*

D'Ëmsetzung vun der Kompensatiounsmoossnam ass onofhängeg vum Projet vun der Renaturéierung vun der Uelzecht tëschent Luerenzweiler a Lëntgen, mee gouf awer mat dësem ofgestëmmt.

D'Mesure gliddert sech allgemeng favorabel an déi geplangte Renaturéierung vun der Uelzecht an, well et eng permanent ekologesch Opwäertung ass a well zousätzleche Stauraum fir en 10 bis 100-järegt Héichwaasser entsteet. D'Buedemofdroung an dem genannte Beräich bitt der Uelzecht a sengem Zoufloss och no enger Renaturéierung wärend engem Héichwaasser méi eng grouss Retentiounsfläch, wat eng Plus-value duerstellt.

Well de Bau vun der neier Strooss ofgeschloss ass ier d'Renaturéierung vun der Uelzecht ufänkt, konnt dës Renaturéierung net als Kompensatioun fir de Bau vum Projet zielen. Eng Stauraumkompensatioun muss nämlech ëmmer virun dem Ewechhuele vum Stauraum – hei de Bau vun der Strooss - hiergestallt ginn.

De Projet vun der Renaturéierung gëtt momentan am Detail ausgeschafft. Parallel dozou lafen d'Prozedure vum Office national de remembrement, fir datt fir d'Ëmsetzung vun dësem Projet déi noutwenneg Terrainen zur Verfügung stinn. De Projet vun der Renaturéierung vun der Uelzecht tëscht Luerenzweiler a Lëntgen gëtt vun de responsabele Verwaltungen dëst Joer finaliséiert.

*Fro 4: Firwat gouf dee Geotextil verluecht?*

Fir um Enn vun den Terrassementsaarbechten de neie Buedem vum gewuessene Buedem ze trennen, gouf ee Geotextil agebaut (dës Decisioun baséiert op enger Buedem-Expertise vun engem international renomméierte Laboratoire).

*Fro 6: Am Fall, datt d'Notze vu Geotextil am Zesummenhang mat enger Pollutioun vun deem Site besteet, kann den Här Minister mir soen:*

1. *Duerch wat ass dës Pollutioun entstanen?*
2. *Ginn et héi Lien'e mat dem Bau vun der Nordstrooss an der décharge de matériel deemols duerch de P&CH?*
3. *Wat fir eng Aart vu Pollutioun wier et dee Moment ?*
4. *A falls de Ministère vun esou enger Pollutioun weess, firwat ass dës net am Cadastre des sites potentiellement pollués (CASIPO) verzeechent ?*

Am Laf vun den Terrassementsaarbechte gouf a knapp 10 Zentimeter Déift festgestallt, datt an de 70er Joren eng illegal Entsuergung vu Baumaterialien stattfonnt huet. Dës Oflagerungen stinn also weder a Verbindung mam Bau vun der Autobunn, nach mat enger Decharge vun der Stroossenbauverwaltung. D'Pollutioun ass a Relatioun mat fréier übleche Baumaterialien déi haut net méi erlaabt sinn. Buedemprouwe goufe geholl, wat dëst bestätegt huet.

*Fro 5: Kann d'Ministesch méi zu den Resultater vun dëse Buedemprouwe soen? Sinn hei Pollutioune festgestallt ginn?*

Déi an dëser Fro genannten Ausgruewungen a Buedemprouwe sinn deemools vun den Archeologen, déi fir d'Stroossenbauverwaltung geschafft hunn, un der nërdlecher Limitt vun der Parzell gemaach respektiv geholl ginn, also wäit ausserhalb vun der Zon, wou déi rezent Terrassementsaarbechte gemaach gi sinn. Bei dëse Buedemprouwen huet et sech ëm reng archeologesch Stéchprouwe gehandelt, déi den Zoustand an den Alter vun der Fondatioun vum Viaduc vun der Uelzecht (A7) ermëttele sollen, an net ëm spezifesch Buedemprouwe fir eng Pollutioun ze detektéieren. Bei dëse Buedemprouwen goufe polyzyklesch aromatesch Kuelewaasserstoffen, sougenannte PAK'en festgestallt.

*Fro 7: Wat ass mat deem Buedem geschitt deen oftransportéiert ginn ass? Wou ass en hin transportéiert ginn? Goufe bei där Geleeënheet oder am Viraus Buedemprouwe geholl a wat fir eng Wäerter goufen do festgestallt? Falls net, firwat gouf op sou Prouwe verzicht?*

De verseuchte Buedem deen ofgedroe ginn ass, ass op eng Deponie vun der Klass DK1 an d'Belsch gefouert ginn, wou de Buedem traitéiert a recycléiert gëtt. Am Virfeld vun den Ofdroungen a virum Oftransport si Buedemprouwe gemaach ginn. Esou Analyse si néideg fir ze wëssen, wéi een den Buedem valoriséieren oder eliminéieren kann. De Suivi vun där Evakuatioun ass vun engem spezialiséierte Bureau gemaach ginn, deen och all déi néideg Prouwe gemaach huet.

*Fro 8: Wat ass de Gesamtkäschtepunkt vun deem Projet a wéi deckt en sech mam ursprénglech envisagéierte Betrag?*

De Betrag vum Zouschlag vum Projet vum Bau vun der Ënnerféierung fir d'Suppressioun vum PN20b zu Luerenzweiler huet sech op 12 569 050,12 € TTC belaf. De Gesamtkäschtepunkt vum dësem Projet wäert sech op ongeféier 15 000 000,00 € TTC belafen, wou 50% vum Fonds des Routes a 50% vum Fonds du Rail gedroe ginn. D'Käschte fir d'Kompensatiounsmoossname vun dësem Projet belafen sech op 2 450 000,00 € TTC.

*Fro 9: Wat fir eng längerfristeg Notzung ass fir dësen Terrain virgesinn? Wéi eng méiglech Notzunge goufen an Betruecht gezunn a firwat goufen dës finalement net zréck behalen?*

Elo wou d'Kompensatiounsmoossnamen ofgeschloss sinn, wäert d'Stroossenbauverwaltung nach een Ënnerstand fir d'Véi am Kader vun der künfteger Beweidung bauen, esou wéi dat am Kader vun de Kompensatiounsmoossname vun der A7 geplangt war.

Duerch d'Schafe vun der Retentiounsfläch entsteet mat grousser Warscheinlechkeet eng naass Wiss, dat heescht ee Biotop deen duerch den Artikel 17 vum modifizéierten Naturschutzgesetz geschützt ass. Naass Wise kann ee just landwirtschaftlech notzen.

Dës läscht Moossnam gouf 2021 no hanne verréckelt, well d'Volumen-Kompensatiounsmoossname am Kader vum Projet vun der Suppressioun vum PN20b als éischt duerchgefouert hu misste ginn. Hei goufen déi erfuerderlech Geneemegungen ugefrot, esou bal déi virleien, ginn och dës Aarbechten ausgefouert.

Lëtzebuerg, den 22. Januar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes